



Madamm COUTO Paula
Gemengeconseiller

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2025.69043.SECR

Péteng, den 25. November 2025

Betreff: Är Froe vum 25. Oktober 2025

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Guy Wagner - Tel.: 50 12 51 - 2013)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 25. Oktober 2025, deen der Gemengeverwaltung per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Zënter Oktober 2022 bitt d'Gemeng Péteng e gratis Service de Mediation un - eng gutt Initiativ, déi dozou bäidroen kann, kleng Differenzen an Onstëmmegkeeten duerch Kompromësser ze léisen.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froen stellen:

- 1. Wéivill Interventiounen (Fäll oder Dossieren) goufen zënter der Aféierung vum Service (10/2022) pro Mount bis Oktober 2025 gemaach?*
- 2. Kënnt Dir d'Interventiounen oplëschen, zum Beispill no Typ vu Fä (Nopeschstrait, Locatioun, Famill, asw.)?*
- 3. Wéivill vun deene Fäll konnten duerch Mediation*
 - mat engem Kompromëss ofgeschloss ginn,*
 - ouni Resultat bliwwen,*
 - oder missten op Geriicht weidergefouert ginn?*
- 4. Wéivill Personal ass aktuell am Service de Mediation aktiv (z.B. Zuel vun de Mediatoren oder Mataarbechter)?*
- 5. Sinn dës Persounen fest an der Gemeng beschäftegt, oder gëtt och op extern Intervenanten (z.B. professionell Mediatoren oder spezialiséiert Servicer) zréckgegraff?*
- 6. Falls extern Intervenanten agesat ginn:wéi dacks geschitt dat a no wéi enge Kritären ginn dës ausgewielt?*

Mat Respekt,

*Paula Couto,
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. Zënter der Aféierung vum Service de Médiation am Oktober 2022 bis Enn Oktober 2025 goufen am ganzen 53 Interventiounen (Fäll oder Dossieren) gemaach.

	2022	2023	2024	2025
Januar	X	2	0	2
Februar		0	3	2
Mäerz		0	1	3
Abrëll		0	3	1
Mee		1	1	2
Juni		0	3	0
Juli		2	2	0
August		1	1	2
September		4	3	3
Oktober		0	2	2
November	2	1	3	/
Dezember	0		1	/
Total	2	13	23	15

2. D'Interventioune kënnen no verschiddenen Themen opgeléicht ginn :

Hecken/Beem : 18
Bautereglement (Aarbechten, Maueresträit, Reerënnen, etc.) : 15
Allgemengt Polizeireglement (Nuetsrou, Nopeschsträit, Hausdéieren) : 20

3. Ofgeschlossenen Dossieren : 53
Dossieren ouni Resultat : 5
Dossieren am Traitement : 3
Dossieren um Geriicht : 2

4. Eng agreéiert Mediatrice betreit d'Dossieren.

5. Déi agreéiert Mediatrice kënn vun der Société Pro Solve Consulting SARL-S an ass deemno keng Persoun déi vun der Gemeng agestellt ass.

6. D'Gemeng Pétang gräift net op aner extern Intervenanten zeréck.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,